A sengem Avis 23 «Aspects éthiques de la médicalisation de la conception humaine» huet d'CNE festgehalen: «La façon bien rôdée dont s'effectue actuellement la PMA au Grand-Duché associe de façon suffisante souplesse et esprit d'ouverture avec le respect de valeurs déontologiques élaborées, en l'absence de textes légaux, par une pratique constante pour que les pouvoirs publics puissent juger pouvoir s'y fier sans fixer des cadres législatifs qui risquent à la fois de heurter des sensibilités en un domaine forcément délicat et de se voir dépasser par le développement rapide du savoir et de la pratique médicale.»

D'Regierung deelt dës Aschätzung. Iwwert déi virgenannte Mesuren eraus plangt d'Regierung dofir och net kuerzfristeg e Gesetzesprojet iwwer kënschtlech Befruchtung an der Chamber ze déposéieren.

4) Dem Gesondheetsminister leie keng esou national Etüden oder Statistike vir.

[1] Contactée par «Wort.lu», Rachida El Uriagli, membre du Centre marocain des droits humains «s'est dite consternée par la façon dont ses propos ont été déformés par la presse marocaine» et a «insisté sur le fait qu'elle n'avait jamais parlé de couples luxembourgeois» «Zeitungsente über 600 marokkanische Leihmütter in Luxemburg», paru le 28 février 2013 sur Wort.lu, disponible en ligne:
http://www.wort.lu/de/view/zeitungsente-ueber-600-marokkanische-leihmuetter-in-luxemburg-512f884fe4b024584d32c395

Question 2591 (4.3.2013) de **M. Jean Colombera** *(Onofhängeg)* concernant l'**achat en ligne de médicaments:**

Es gibt keinen Grund, dass in Luxemburg angesiedelte Apotheken auf Rezept online oder telefonisch bestellte Medikamente nicht versenden dürfen, außer dass es bisweilen verboten ist und dieser Dienst untersagt bleibt, bis das Gesetz, auf dem dieses Verbot basiert, den Begebenheiten des Gesundheitswesens im 3. Millennium angepasst wird. Interessant ist es, immer zu hören, dass Luxemburg eine Vorreiterrolle im E-Commerce spielen will.

Fragen:

1) Müsste es nicht für eine ältere Person ein Patientenrecht sein, von ihr kontinuierlich benötigte Medikamente von einer luxemburgischen Apotheke auf Anfrage hin (Telefon oder Internet) und nach Hinterlegung der ärztlichen Verordnung durch einen Paketdienst persönlich zugestellt zu bekommen?

2) Wie steht es mit dem nationalen Prestigeprojekt der elektronischen Verschreibung von Medikamenten durch den behandelnden Arzt und der elektronischen Übersendung dieser Verordnung an die gewohnte Apotheke des Patienten?

3) Ist es dem Apotheker untersagt, eine kostenlose pharmazeutische Beratung über Telefon, Internet oder E-Mail zu erteilen?

4) Wie gedenkt der Minister in seiner verbleibenden Amtszeit das Apothekenwesen zu reformieren, um ihm den Konkurrenzkampf mit der Großregion zu erleichtern?

5) Kann der Minister bestätigen, dass kein Pharma-Versand hier in Luxemburg von einer Apotheke angeboten wird?

Réponse (12.4.2013) de **M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé:*

Dans mes réponses aux questions parlementaires n°1700 et n°1757 de l'honorable Député *(cf. comptes rendu n°2/2011-2012 et n°3/2011-2012)*, j'ai déjà eu l'occasion de souligner que la vente par Internet et la vente par correspondance de médicaments soumis à prescription sont actuellement illicites au Luxembourg.

Les motifs de santé publique du législateur ont été exposés dans ma réponse aux questions parlementaires précitées, de même que déjà antérieurement dans ma réponse du 17 mars 2007 à la question parlementaire n°1633 *(cf. compte rendu n°10/2006-2007)*.

Le plan stratégique de l'Agence eSanté, validé par son conseil de gérance en novembre 2012, définit les actions priorisées par celle-ci pour la période 2013-2015.

La mise en place du dossier de soins partagé et l'e-prescription (la création par un médecin de prescriptions électroniques et leur transmission électronique à des tiers) font partie des composants de la plateforme priorisés pour la période 2013-2015 et une procédure de marché public est en cours, ceci en vue de sa mise en place dans des délais rapprochés.

Le pharmacien tenant une officine ouverte au public joue, au moment de la dispensation du médicament, un rôle de premier ordre pour la sécurité et la qualité de la délivrance. En son officine, il analyse et contrôle en présence du patient les ordonnances et il lui apporte au besoin un conseil personnalisé approprié.

Il n'est bien évidemment pas interdit au pharmacien de compléter le conseil pharmaceutique donné en son officine par une disponibilité par d'autres moyens de communication, tel que par téléphone ou e-mail.

J'ai chargé mes services d'élaborer d'ici la fin de l'année un avant-projet de loi tendant à procéder à une refonte du droit pharmaceutique et à déterminer le régime de fonctionnement des pharmacies ouvertes au public.

Ledit avant-projet de loi sera soumis à une large consultation du secteur concerné.

Question 2592 (4.3.2013) de **M. Fernand Kartheiser** *(ADR)* concernant l'**organisation scolaire:**

D'Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwert d'Organisatioun vun der Grondschoul an de groussherzogleche Reglement vum 18. Februar 2010 gesi vir, datt fir all Gemeng e Kontingent vu Stonne festgeluecht gëtt. Iwwert dëse Kontingent ginn dann, iwwert d'Schoulorganisatioun an de respektive Gemengen, d'Zuel vun den Enseignantë respektiv d'Zuel vun de Schoulklasse festgesat.

De Kontingent variéiert vu Gemeng zu Gemeng, a soll der sozioekonomescher an der soziokultureller Zesummesetzung vun der jeeweileger Gemeng ugepasst sinn. D'Upassung vun der Zuel vun den Enseignanten tëschent der Situatioun vu virun dem neie Schoulgesetz an der neier Situatioun soll iwwer zéng Joer geschéien, woubäi all Joer d'Upassung no ënne bei 10% läit.

Schonns elo, zwee Joer no der Publikatioun vum groussherzogleche Reglement, hu gewësse Gemenge Schwieregkeeten, fir bei der Schoulorganisatioun hir Klassen esou ze organiséieren, datt d'Effektiver pro Klass net ze grouss ginn.

E weidere Problem läit doranner, datt de Kontingent pro Gemeng festgeluecht gëtt, an net der sozioekonomescher an der soziokultureller Zesummesetzung pro Quartier, respektiv pro Anzugsgebitt vun der eenzelner Schoul, gerecht gëtt.

Doweinst wéilt ech der Madame Éducatiounsministesch dës Froe stellen:

1) Wéi vill Gemenge verléieren, iwwert d'Festleeung vum Kontingent, Schoulstonne vis-à-vis vun der initialer Situatioun? Wéi vill Stonne sinn am Schouljoer 2012/2013 schonns verluer gaangen?

2) Wéi eng Gemenge si betraff?

3) Ass d'Madame Ministesch gewëllt, dëse Kontingent pro Quartier respektiv pro Anzugsgebitt vun der eenzelner Schoul ausrechnen ze loossen an de Gemengen dës Etüd matzedeelen?

4) Ass d'Madame Ministesch net der Meenung, datt e Moratoire op eng weider Reduktioun vun de Schoulstonne muss geluecht ginn, bis datt d'Etüd, déi am Artikel 9 vum Reglement vum 18. Februar 2010 virgesinn ass, virläit?

5) Wann esou e Moratoire net ugewannt gëtt, wéi vill Stonne ginn am Schouljoer 2013/2104 par rapport zum Schouljoer 2012/2013 verluer?

Réponse (10.4.2013) de **Mme Mady Delvaux-Stehres,** *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle:*

Ad 1) an Ad 5) Laut Artikel 38 vum ofgeännerte Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwert d'Organisatioun vum Grondschoulunterrecht begräift de Kontingent:

1) Schoulstonne fir de Basisunterrecht ze assuréieren am Respekt vum festgeluechten Duerchschnëttsklasseneffektiv;

2) Schoulstonne fir der sozioekonomescher a soziokultureller Zesummestellung vun der jeeweileger Schoulpopulatioun Rechnung ze droen;

3) Schoulstonne fir d'Duerchféierung vum «Plan de réussite scolaire» ze garantéieren;

4) Schoulstonne fir d'Ofhale vum Moral- a Sozialunterrecht.

De Kontingent gëtt iwwert d'Berechne vun engem Taux d'encadrement de base fixéiert. Dësen Taux ergëtt sech aus der Divisioun vun de Stonnen, déi eng Schoulwoch begräift[2] an der Duerchschnëttsschülerzuel pro Klass.

Am Schouljoer 2009/2010 huet den Taux d'encadrement de base tëschent 1,26 (20,6 Schüler pro Klass) an 2,64 (9,8 Schüler pro Klass) bei den eenzelne Gemengen a Schoulsyndikater variéiert. Bei esou groussen Ënnerscheeder war eng vun den Zilsetzunge beim Aféiere vum Kontingent d'Ressourcë progressiv esou gerecht wéi méiglech iwwert d'ganzt Land ze verdeelen.

Dofir ass am groussherzogleche Reglement vum 18. Februar 2010, deen d'Modalitéite regelt vum Opstelle vum Kontingent vun de Stonnen, déi un d'Gemengen an d'Schoulsyndikater verdeelt ginn, fir de Grondschoulunterrecht ze organiséieren, eng Moyenne vu 16 Schüler pro Klass festgehale ginn, wat engem Taux d'encadrement de base vun 1,625 entsprécht (26: 16 = 1,625). Ronn 20% vun de Gemengen a Schoulsyndikater haten en Duerchschnëttseffektiv, deen iwwer 16 Schüler pro Klass louch, bei ronn 80% louch en drënner.

Fir der spezifescher, sozioekonomescher a soziokultureller Zesummestellung vun der Schoulpopulatioun vun de jeeweilege Gemengen a Schoulsyndikater Rechnung ze droen, hält dat nämlecht groussherzoglecht Reglement ausserdeem fest, dass den Taux d'encadrement de base bis zu 20% erhéicht ka ginn. Dës zousätzlech Ressourcë gi berechent opgrond vun engem «Indice socioéconomique/socioculturel», deen de CEPS (Centre d'Études de Populations, de Pauvreté et de Politiques Socio-Économiques) all dräi Joer pro Gemeng respektiv Schoulsyndikat berechent no de Modalitéiten, déi am Artikel 5 vun dem uewe genannte groussherzogleche Reglement fixéiert sinn.

Ausser de Stonne fir de Basisunterrecht ze assuréieren an de Stonnen, déi iwwert den «Indice socioéconomique/socioculturel» verdeelt ginn, si fir d'Schouljoer 2012/2013 nach dës Stonnen «hors contingent» verdeelt ginn:

- 553 Wochestonne fir d'Duerchféiere vu «Plans de réussite scolaire»;

- 4.128 Wochestonne fir d'Ofhale vum Moral- a Sozialunterrecht;

- +/-2.018 Wochestonne fir Kanner, déi nei an d'Land koumen a keng vun deenen dräi gängegen Unterrechtssprooche kannt hunn;

- 522 Wochestonne fir speziell Situatiounen, wat d'Schoulorganisatioun, besonnesch a méi klenge Gemengen, ubelaangt, Rechnung ze droen;

- 542 Wochestonne fir d'Léierpersonal, fir mat Schüler mat spezielle Léierschwieregkeeten oder Verhalensopfällegkeeten ze schaffen.

D'Zuelen aus de jährleche Rapporten, déi d'Expertskommissioun, déi agesat ginn ass, fir déi néideg Etüden zur Personalplanifikatioun an der Grondschoul duerchzeféieren, opstellt, weisen aus, dass bei enger quasi stagnanter Grondschülerpopulation (tëschent 46.000 a 47.000 fir déi öffentlech Schoul) déi zur Verfügung gestallte Ressourcen an deenen dräi leschte Jòren net erofgaange sinn. Wann een also d'Organisatioun vum Grondschoulunterrecht als Ganzt kuckt, ass et éischter ubruecht, fir vun engem Ëmverdeele vun Unterrechtsstonnen ze schwätze wéi vun engem Verléieren.

Ad 2) All Gemeng oder Schoulsyndikat ass vum Aféiere vum Kontingent betraff, well den Taux d'encadrement de base (cf. supra) während enger Period vun zéng Joer ugepasst gëtt entweder no uewen oder no ënnen, esou wéi den 3. Abschnitt vum Artikel 38 vum ofgeännerte Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwert d'Organisatioun vum Grondschoulunterrecht dat virgesäit.

Ad 3) Den Artikel 1 vum groussherzogleche Reglement vum 18. Februar 2010, deen d'Modalitéite regelt vum Opstelle vum Kontingent vun de Stonnen, déi un d'Gemengen an d'Schoulsyndikater verdeelt ginn, fir de Grondschoulunterrecht ze organiséieren, schreift vir, dass dëse Kontingent all Joer virum 15. Abrëll vum Minister pro Gemeng respektiv pro Schoulsyndikat bestëmmt gëtt. Selbstverständlech kënne Gemengenautoritéiten hire Kontingent vu Schoulstonnen op déi verschidde Gemengegrondschoulen esou verdeelen, wéi si dat fir richteg halen an dofir och Modalitéiten opstelle loossen, déi dës Verdeelung regelen.

Ad 4) Am Artikel 9 vum dem uewe genannte groussherzogleche Reglement vum 18. Februar 2010 ass festgehalen, dass no dem 3. Joer vun der Aféierung vum Kontingent d'Expertskommissioun, déi agesat ginn ass, fir déi néideg Etüden zur Personalplanifikatioun an der Grondschoul duerchzeféieren, en Avis ofgëtt iwwer:

- d'Implementatioun vum Kontingent,

- d'Pondératioun tëschent der Zuel vu Stonnen, déi d'Gemengen an d'Schoulsyndikater kréien, fir de Basisunterrecht ze assuréieren, an d'Zuel vun de Stonnen, déi se zousätzlech kréien fir der sozioekonomescher a soziokultureller Zesummestellung vun hirer Schoulpopulatioun Rechnung ze droen,

- d'Duerchschnëttsschülerzuel pro Schoulklass.

D'Aarbechte vun dëser Kommissioun, an déi Vertrieder vu verschiddene Ministèren, vum Statec, vum Syvicol a vum Léierpersonal genannt sinn, huet hir Iwwerleeungen heizou nach net ofgeschloss.

Ech ginn ze bedenken, dass déi Zuel vu 16 Kanner pro Schoulklass, déi am Artikel 4 vum uewe genannte groussherzogleche Reglement festgehalen ass, eng ganz niddereg Zuel ass am europäesche Vergläich an dass d'Qualitéit vum Unterrecht sécherlech net eleng duerch d'Zuel vum Klasseneffektiv bestëmmt gëtt.

[2] D'Ausgangsbasis si 26 Stonnen, dat heescht 28 Stonnen, déi eng Schoulwoch zielt, minus zwou Stonnen, fir d'Ofhale vum Moral- a Sozialunterrecht, déi all Gemeng oder Schoulsyndikat pro Klass zougerechent kritt, zousätzlech zum Kontingent fir de Basisunterrecht ze assuréieren.

Question 2593 (4.3.2013) de **M. Fernand Kartheiser** *(ADR)* concernant la **réserve de suppléants:**

D'Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwert d'Personal an der Grondschoul gesäit am Kapitel 15 vir, datt de Stat d'Reserv vum Ersatzpersonal (réserve de suppléants) organiséiert. Dës Reserv vun Enseignanten huet d'Missioun, Schoulpersonal ze ersetzen, wat punktuell feelt, oder Posten ze besetzen, déi keen Titulaire fonnt hunn.

Dowéinst wéilt ech der Madame Éducationsministesch dës Froe stellen:

1) Wéi vill Enseignantë ware fir d'Schouljoer 2011/2012 a si fir d'Schouljoer 2012/2013 am Asaz, opgeschlësselt no de verschiddene Qualifikatiounen, wéi se am Artikel 16 virgesi sinn?

2) Wéi vill Schoulstonne konnte pro Trimester an dëse Schouljoren net ersat ginn? Gëtt et do eng Opdeelung pro Gemeng?

3) Aus wéi engen Ursaache kënne Stonnen an der Schoul net ersat ginn?

4) Wann ee vun de Grënn doranner läit, datt net genuch Ersatzpersonal zur Verfügung steet, wéi eng Efforte wëllt d'Regierung dann ënnerhuelen, fir méi Leit an dëser Reserv ze mobiliséieren?

5) Wat ass virgesinn, fir Kanner aus der Grondschoul ze betreien, wa keen Titulaire an och keen Ersatz ka Schoul halen?

Réponse (15.4.2013) de **Mme Mady Delvaux-Stehres,** *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle:*

Ad 1) Am Artikel 16 vum ofgeännerte Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwert d'Personal ginn déi verschidde Kategorie vu Léierpersounen aus der Réserve de suppléants opgezielt:

1) Schoulmeeschteren;

2) Chargé-de-coursen, déi e Schoulmeeschterdiplom hunn a sech net am Concours, deen den Accès zur Schoulmeeschterfunktioun regléiert „en rang utile" klasséiert hunn;

3) Chargé-de-coursen, déi e Schoulmeeschterdiplom hunn an déi d'Sproochekonditiounen erfëllen, fir zum Concours, deen den Accès zur Schoulmeeschterfunktioun regléiert, zougelooss ze ginn;

4) Chargé-de-coursen, déi e „Certificat de qualification de chargé de direction" hunn, laut den Dispositioune vum ofgeännerte Gesetz vum 5. Juli 1991, dat ënner anerem d'Modalitéiten zu där Formatioun fixéiert;

5) Chargé-de-coursen, déi eng „Attestation d'admissibilité à la réserve de suppléants" hunn, laut dem ofgeännerte Gesetz vum 25. Juli 2002 betreffend de Remplacement vun de Schoulmeeschteren aus der Spill- a Primärschoul;

6) Chargé-de-coursen, déi e „Certificat de Formation" hunn, deen am Artikel 19 vum ofgeännerte Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwert d'Personal definéiert gëtt;

7) Chargé-de-coursen, déi op onbegrenzt Dauer agestallt sinn, mat enger kompletter oder Deeltâche;

8) Chargé-de-coursen, déi fir eng begrenzt Dauer agestallt sinn, mat enger kompletter oder Deeltâche.

Am Schouljoer 2011/2012 hat d'Réserve de suppléants 27 Memberen an der Kategorie 1, 22 an der Kategorie 2, 116 an der Kategorie 3, 21 an der Kategorie 4, 231 an der Kategorie 5, 107 an der Kategorie 6, 306 an der Kategorie 7 a 15 an der Kategorie 8.

Am Schouljoer 2012/2013 hat d'Réserve de suppléants 29 Memberen an der Kategorie 1, 36 an der Kategorie 2, 143 an der Kategorie 3, 20 an der Kategorie 4, 231 an der Kategorie 5, 122 an der Kategorie 6, 299 an der Kategorie 7 a 26 an der Kategorie 8.

Ad 2) a 5) Am Schouljoer 2011/2012 konnten an deenen dräi Trimestere vun engem Total vun 3.406.994 geplangte Schoulstonnen 3.937 Stonnen net ersat ginn, esou dass déi betraffe Kanner während dëse Stonnen opgedeelt gi sinn op verschidde Klassen; am Schouljoer 2012/2013 konnte während deenen zwee éischten Trimestere vun engem Total vun insgesamt 2.238.937 geplangte Schoulstonne 4.479 Stonnen net ersat ginn, esou dass déi betraffe Kanner während dëse Stonnen op verschidde Klassen opgedeelt gi sinn.

Ad 3) Wa Stonnen net konnten ersat ginn, ass dat well zu gewësse Momenter net genügend Ersatzpersonal zur Verfügung stoung. Dat kënnt vir zum Beispill bei Grippewellen; dobäi muss ee feststellen, dass am Wanter 2012/2013 vill Membere vum Léierpersonal mat besonnesch hartnäckegen Erkältungen ze kämpfen haten.

Et bleift ze bemierken, dass nieft dem Personal aus der Réserve de suppléants och nach „Remplaçanten" agesat ginn, déi eng Attestatioun hunn, déi hinnen erlaabt, an der Grondschoul Léierpersonal ze ersetzen.

Ad 4) Et gëtt probéiert esou wäit ewéi méiglech genügend Chargé-de-coursen an/oder Remplaçanten ze formëieren, déi dat brevetéiert Léierpersonal ersetze kënnen.

Question 2594 (4.3.2013) de **M. Fernand Kartheiser** *(ADR)* concernant la **législation en matière de gestation pour autrui:**

Lëtzebuerg huet keng Legislatioun iwwer „geléinte Mammen" (mères porteuses, gestation pour autrui). Dës Method fir Puppelcher op d'Welt ze setze schéngt an anere Länner erlaabt ze sinn. Nom Rapport vum franséische Senat aus dem Joer 2008 ass et erlaabt, datt geléinte Mamme Puppelcher a Griichenland an am Vereenegte Kinnekräich fir friem Koppelen op d'Welt setzen. Och a Länner wéi de Vereenegte State vun Amerika schéngt dës Praxis erlaabt ze sinn, woubäi do déi geléinte Mamm och nach ka fir dës „Déngschtleeschtung" bezuelt ginn.

Et ass deemno net auszeschléissen, datt Koppelen, déi zu Lëtzebuerg wunnen a vläicht soss keng aner Méiglechkeet gesinn hunn, iwwert dëse Wee Kanner kritt hunn.

Dowéinst wéilt ech den Häre Ministeren dës Froe stellen:

1) Sinn zu Lëtzebuerg Fäll bekannt, an deenen eng Koppel een oder méi Kanner um „État civil" wollt umellen, respektiv an de „Régistre de la Population" wollt androe loossen, woubäi dëst Kand oder Kanner vun enger geléintener Mamm op d'Welt gesat goufen?

2) Gëtt et eng Prozedur oder eng Praxis, déi an esou engem Fall ugewannt gëtt? Kënnen esou Fäll iwwert de Wee vun der „adoption plénière" geregelt ginn?

3) Wéi eng Rechter huet eng geléinte Mamm, déi e Kand zu Lëtzebuerg ausgedroen huet an/oder op d'Welt bruecht huet, respektiv déi dat Kand u Leit ginn huet, déi zu Lëtzebuerg ugemellt sinn?

4) Wéi eng Rechter huet eventuell e Kand, fir déi Mamm kennenzeléieren, déi et ausgedroen an op d'Welt bruecht huet?

Réponse commune (5.4.2013) de **M. François Biltgen,** *Ministre de la Justice*, et de **M. Jean-Marie Halsdorf,** *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région:*

Geléinte Mammen (gestation pour autrui op Franséisch) ass a weltwäite Phenomeen, deen etlech Problemer fir déi betraffe Persoune mat sech bréngt an deen an Zwëschenzäit zu engem regelrechte Befruchtungstourismus gefouert huet.

Den Informatiounen no, déi d'Regierung bei lëtzebuergeschen an auslänneschen Autoritéiten krut, ass kee Fall bekannt, wou e Kand vun enger geléintener Mamm op d'Welt gesat gouf an um lëtzebuergeschen „Registre de l'État Civil" oder „Registre de la Population" agedroen oder iwwerschriwwen gouf. Deemno gëtt et betreffend der Method vun den geléintene Mamme weder eng lëtzebuergesch Prozedur nach eng lëtzebuergesch Praxis.

D'Method vun de geléinte Mammen ass an deene meeschte Länner verbueden an nëmmen an enger klenger Minoritéit vu Staten erlaabt. Lëtzebuerg gehéiert zu deene Länner, wou dës Method net geregelt ass. Och wann et net ausdrécklech verbueden ass, esou ass d'Method vun de geléinte Mammen dach net legal - an dat wéinst dem Prinzip vun der Indisponibilitéit vum mënschleche Kierper a vum Stand vun de Persounen. Et kënnt derbäi, datt dës Method och vum Standpunkt vun der Konventioun Biomedezin problematesch ass. 1997 vum Conseil de l'Europe zu Oviedo adoptéiert, huet d'Regierung 2006 proposéiert, dës Konventioun ze ratifizéieren (Gesetzprojet n°5528).

D'Regierung «(…) entend fixer un cadre légal à la fois cohérent et assez flexible pour a) mettre en œuvre la Convention d'Oviedo, b) réglementer la procréation médicalement assistée, c) réglementer strictement, sinon interdire la maternité pour autrui (…)» (Auszuch aus dem Regierungsprogramm vun 2009). D'Regierung ass der Meenung, datt dës Method net mat der Dignitéit vun der geléintener Mamm an den Intressie vum Kand zesummegeet. Si deelt d'Bedenke vun der Commission Nationale d'Éthique (CNE) an och déi vun deene Länner, déi dës Method verbueden hunn. Vu d'Risike vun enger Ausbeutung vun der geléintener Mamm, der Kommerzialisatioun vun dëser Method an all den Ongewëssheeten, deenen d'Leit ausgesat sinn, huet d'Regierung wëlles dës Fro gemäss dem Regierungsprogramm an den Iwwerleeunge vun der CNE ze regelen. De Gesetzprojet iwwert d'Filiatioun, deen deemnächst op den Instanzewee wäert goen, wäert och d'Problematik vun de geléintene Mammen behandelen.

Vu d'Problemer ëm d'Rechter vun de geléintene Mammen, dëse Kanner an dësen Elteren, hu sech international Organisatiounen der Problematik ugeholl. Zënter 2011 schaffen d'Conférence de La Haye de droit international privé (mat Sëtz zu Den Haag) an d'Commission Internationale de l'État Civil (mat Sëtz zu Stroossbuerg) un der Ausschaffung vu méigleche Léisungen an dëse komplexen Froen.

Question 2595 (4.3.2013) de **M. Roland Schreiner** *(LSAP)* concernant les **heures d'ouverture des structures d'accueil pour enfants:**

Face à l'augmentation du chômage et en particulier du chômage des jeunes, il a souvent été question ces derniers temps de demandeurs d'emploi qui se refuseraient à accepter des emplois jugés moins «confortables», tels des emplois dans le secteur de l'Horeca, qui demandent une très grande flexibilité des salariés.

Pourtant, tous les chômeurs n'ont tout simplement pas la possibilité de travailler dans ce domaine.

En effet, les horaires de travail de ce secteur demandent une grande disponibilité en fin de journée et pendant les fins de semaine - à des moments où la majorité des structures d'accueil pour enfants sont fermées.

J'aimerais poser à Madame la Ministre de la Famille et de l'Intégration les questions suivantes:

- Madame la Ministre de la Famille dispose-t-elle d'informations précises sur les heures d'ouverture des structures d'accueil pour enfants au Luxembourg?

- Madame la Ministre encourage-t-elle une extension des heures d'ouverture des structures d'accueil pour enfants ou la création de structures spécifiques à horaire étendu?

- Madame la Ministre peut-elle me renseigner sur le nombre de crèches ou structures d'accueil d'entreprises et/ou de crèches sectorielles? Le Ministère de la Famille encourage-t-il la création de telles crèches adaptées aux horaires des salariés d'une entreprise ou d'un secteur spécifique?

- Dans ce contexte, quel est le rôle de l'assistance parentale? L'offre dans ce domaine est-elle suffisante en termes de places disponibles et en ce qui concerne les plages horaires?

- Quelles autres mesures Madame la Ministre envisage-t-elle pour trouver des solutions aux problèmes décrits ci-dessus?

Réponse (11.4.2013) de **Mme Marie-Josée Jacobs,** *Ministre de la Famille et de l'Intégration:*

Les informations relatives aux heures d'ouverture des services d'éducation et d'accueil pour enfants (crèches, foyers de jour et maisons relais) font partie intégrante de la demande d'agrément. Les règlements grand-ducaux régissant à l'heure actuelle l'éducation et l'accueil des enfants en dehors des heures de classe, à savoir le règlement grand-ducal modifié du 20 décembre 2001 (sans hébergement) et le règlement grand-ducal modifié du 20 juillet 2005 (maison relais pour enfants) limitent l'accueil socio-éducatif des enfants à un accueil de jour respectivement à un accueil «sans hébergement» et ceci aussi bien dans le cadre du règlement grand-ducal modifié de 2001 (article 1) que dans le cadre du règlement grand-ducal modifié de 2005 (article 2). Les heures d'ouverture d'une crèche/foyer de jour ou bien d'une maison relais sont de la seule compétence du gestionnaire sous réserve de respecter - en cas d'une maison relais - le seuil prévu par le règlement grand-ducal de 2005 qui présume une «ouverture du service … pendant au moins 200 jours et 500 heures par année civile».

Il va sans dire que la grande majorité des services d'éducation et d'accueil pour enfants (SEA) offrent un accueil hebdomadaire allant de 7.00 heures à 19.00 heures pendant cinq jours de la semaine. Cependant il y a de plus en plus de gestionnaires qui étendent leurs offres au-delà des heures précitées de sorte que les parents travaillant en dehors des heures de bureau ont plus de chances de nos jours de concilier leur vie familiale et professionnelle. Les heures d'ouverture des SEA agréés par le Ministère de la Famille vont de 5.00 heures à 23.00 heures pendant six jours de la semaine (le samedi inclus). Cependant il y a lieu de noter que la demande en vue d'un accueil en dehors des heures de bureau ne semble pas être aussi élevée qu'on pourrait le croire. Ainsi plusieurs SEA qui avaient prévu un accueil à horaire étendu ont revu les heures d'ouverture faute d'une demande suffisante.

Quant aux crèches d'entreprise, le nombre de crèches d'entreprise agréées jusqu'à nos jours est de dix pour un total de 400 chaises. En ce qui concerne la création de SEA, le Ministère de la Famille mise davantage sur la collaboration avec les communes qui sont le mieux placées pour assurer une continuité dans l'éducation (formelle et non formelle) et l'accueil des enfants allant de la petite enfance jusqu'à l'âge des jeunes.

En ce qui concerne l'activité d'assistance parentale, il va sans dire que l'accueil d'enfants auprès de l'assistant parental est plus flexible qu'au niveau des SEA. En effet, contrairement aux règlements grand-ducaux précités la loi du 30 novembre 2007 portant réglementation de l'activité d'assistance parentale prévoit à l'article 1: «Une période de prise en charge continue de jour et de nuit d'un enfant déterminé ne doit pas excéder trois semaines.» Les plages horaires sont fixées par l'assistant parental qui aux termes de la loi précitée bénéficie du statut d'indépendant. Les plages horaires de l'assistant parental ne font pas partie intégrante de la demande d'agrément de sorte que le Ministère de la Famille ne dispose pas d'informations précises quant à leur utilisation. L'activité d'assistance parentale est en croissance permanente à l'instar des SEA. Quant à la répartition régionale de l'offre des assistants parentaux, il y a lieu de noter que certaines régions sont bien couvertes contrairement à d'autres. Pour toute information quant à l'offre régionale, je me permets de vous référer au site Internet: www.kannerbetreiung.lu.

Question 2596 (4.3.2013) de **Mmes Marie-Josée Frank** et **Martine Mergen** *(CSV)* concernant les **adoptions au Luxembourg:**

Le processus d'adoption au Luxembourg semble connaître une évolution ces dernières années, notamment due aux relations bilatérales spécifiques avec les pays concernés, mais aussi en raison de la situation géopolitique en permanente mutation.

C'est dans ce cadre que nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Famille et de l'Intégration:

- Combien de candidatures d'adoption ont été déposées au Luxembourg en 2012 et combien d'enfants (y compris sexe et âge) ont été adoptés pendant cette même année?

- Quels sont les pays d'origine relatifs aux demandes d'adoption en 2012 au Luxembourg, respectivement quels sont les pays d'origine des enfants adoptés?

- Quel est le bilan de l'évolution au cours des dernières années des pays demandeurs et du nombre, de l'âge et du sexe des enfants adoptés au Luxembourg?

Réponse (5.4.2013) de **Mme Marie-Josée Jacobs,** *Ministre de la Famille et de l'Intégration:*

- Selon les statistiques des adoptions nationales et internationales de l'année 2012, un nombre total de 222 (dont 169 demandes pour une adoption internationale et 53 demandes pour une adoption nationale) demandes écrites de candidats à l'adoption ont été enregistrées auprès des quatre services d'adoption agréés. Ce chiffre indique que les services ont donné une suite administrative à ces demandes, lesquelles n'ont par la suite pas nécessairement toutes abouties à un projet d'adoption pour différentes raisons.

Au cours de l'année 2012, un total de 14 enfants sont arrivés au Luxembourg suite à une adoption internationale et deux enfants ont été accueillis en famille suite à une adoption nationale. De ces 16 enfants, quatre enfants avaient moins d'un an et douze enfants avaient entre un et quatre ans. De ces 16 enfants, quatre enfants sont de sexe féminin et douze enfants sont de sexe masculin.

Un total de 40 adoptions ont été finalisées (36 adoptions internationales et quatre adoptions nationales), c'est-à-dire transcription du dispositif du jugement ou de l'arrêt prononçant l'adoption sur les registres de l'État Civil de la ville de Luxembourg.

- En 2012, les pays d'origine relatifs aux demandes d'adoption étaient principalement les pays suivants: Bulgarie, Cap Vert, Corée du Sud, Colombie, Haïti, Inde, Luxembourg, Portugal.

Dans le contexte des adoptions internationales, les enfants qui sont arrivés au Luxembourg au cours de l'année 2012 provenaient des pays d'origine suivants: Corée du Sud, Colombie, Haïti, Népal.

- Lorsqu'on entend par «pays demandeurs» les pays des candidats demandeurs d'une adoption internationale, les statistiques des dernières années du Luxembourg et d'autres pays d'ac-

cueil illustrent que le nombre de demandes de candidats adoptants excède le nombre d'enfants adoptables en adoption internationale. Ce phénomène s'explique entre autres par des développements socioéconomiques et des changements de politique des gouvernements dans certains pays d'origine, ayant pour conséquence une augmentation du nombre d'adoptions nationales, conformément à l'esprit des conventions internationales et au principe de subsidiarité (à savoir, la responsabilité en tant que pays d'origine d'avoir dûment examiné les possibilités de placement de l'enfant dans son État d'origine avant de pouvoir envisager une adoption internationale). D'autant plus, les pays d'origine expriment un besoin en adoption internationale concernant de plus en plus des enfants dits à besoins spéciaux, c'est-à-dire des enfants plus âgés, des enfants en fratrie ou encore des enfants porteurs de maladies ou d'handicaps.

Cette réalité changeante du profil des enfants est reflétée au niveau du nombre et de l'âge des enfants adoptés au Luxembourg et dans d'autres pays d'accueil.

Voici les statistiques reprenant l'évolution des trois dernières années (2010 à 2012) au Luxembourg:

Adoption internationale:

Année	Enfants arrivés au Luxembourg suite à une adoption internationale	Âge et sexe des enfants adoptés							
		< 1		1-4		5-9		>10	
		M	F	M	F	M	F	M	F
2010	40	9	5	15	7	1			
2011	24	2	1	16	5				
2012	14	1	1	9	3				

Veuillez noter qu'en 2010 le nombre d'enfants arrivés au Luxembourg était exceptionnellement élevé. En effet, 14 enfants haïtiens, dont la procédure d'adoption avait déjà été entamée et l'apparentement achevé, sont arrivés ensemble au Luxembourg en date du 21 janvier 2010 par procédure d'évacuation suite au tremblement de terre qui a frappé Haïti le 12 janvier 2010. Les adoptions entre le Luxembourg et Haïti sont bloquées depuis dans l'attente que le pays soit de nouveau en mesure d'effectuer des adoptions internationales en bonne et due forme.

Adoption nationale:

Année	Enfants accueillis en famille suite à une adoption nationale	Âge et sexe des enfants adoptés							
		< 1		1-4		5-9		>10	
		M	F	M	F	M	F	M	F
2010	4	3	1						
2011	2	1	1						
2012	2	2							

Question 2597 (5.3.2013) de **M. Ben Fayot** *(LSAP)* concernant le **nouveau bâtiment du CRP-Santé:**

La loi du 12 juin 2004 a décidé la construction d'un nouveau bâtiment dans l'intérêt du Centre de Recherche Public-Santé sur le site du Centre Hospitalier de Luxembourg.

Cette construction est aujourd'hui plus que jamais nécessaire pour permettre à ce CRP de travailler dans de bonnes conditions et de continuer à se développer de façon dynamique.

Le CRP-Santé est actuellement installé dans des constructions provisoires et ses services sont éparpillés dans des locaux sis aux alentours du CHL. Si la Chambre a adopté cette loi en 2004, c'était en connaissance de cause de la situation d'un centre de recherche qui a besoin, pour avoir le meilleur rendement possible, de la proximité et de la synergie avec un grand hôpital public et les acteurs de cette institution.

Presque dix années après le vote de la loi le CRP-Santé devrait pouvoir enfin planifier son développement et être assuré définitivement de son implantation auprès du CHL.

- Messieurs les Ministres peuvent-ils me dire quelles sont les intentions du Gouvernement en ce qui concerne l'exécution de la loi du 12 juin 2004 et quand les travaux pourront enfin commencer au site inscrit dans la loi?

Réponse commune (4.4.2013) de **M. Claude Wiseler,** *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*, et de **M. François Biltgen,** *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche:*

Par sa question parlementaire, l'honorable Député souhaite avoir des précisions relatives à la loi du 12 juin 2004 qui a autorisé la construction d'un nouveau bâtiment dans l'intérêt du Centre de Recherche Public-Santé sur le site du Centre Hospitalier de Luxembourg.

Il est vrai que le CRP-Santé est actuellement installé dans des constructions provisoires et ses services sont éparpillés dans des locaux sis aux alentours du CHL.

En effet, la loi du 12 juin 2004 relative à la construction d'un nouveau bâtiment dans l'intérêt du Centre de Recherche Public-Santé a prévu un montant de 73.000.000 euros (indice semestriel des prix de la construction 569,61 octobre 2002). Le projet était basé sur un avant-projet sommaire selon l'ancienne procédure en vigueur.

Suite à une décision du Conseil de Gouvernement fin 2005, les études d'exécution ont été suspendues.

En mars 2008, lors d'une entrevue avec le Ministre des Travaux publics, le conseil d'administration du CRP-Santé a demandé la levée du moratoire avec l'accord de son Ministre de tutelle.

Par la suite, le programme des besoins en surfaces et en effectifs a été analysé et le projet entièrement revu en 2009, afin de réduire le budget de 7% par rapport au budget voté.

Les diverses autorisations (autorisation de construire, commodo-incommodo) pour le projet adapté ont été demandées entre 2010 et 2012, afin de pouvoir débuter les travaux.

Finalement en septembre 2012, le projet a été suspendu une seconde fois pour des raisons budgétaires.

En attendant la levée de ce nouveau moratoire et conscients du fait que le manque de locaux et l'éparpillement actuel de ses services sont de nature à freiner le développement du CRP-Santé, le Ministre des Travaux publics et le Ministre de la Recherche rechercheront, de concert avec le Ministre de la Santé, des solutions permettant la mise à disposition rapide de locaux appropriés dans l'intérêt du CRP-Santé à des conditions compatibles avec les décisions du Gouvernement en matière des dépenses publiques.

Question 2599 (5.3.2013) de **M. Gast Gibéryen** *(ADR)* concernant les **menaces à l'encontre du Premier Ministre:**

Wéi aus Presseinformatiounen ze erfueren ass, war haut e grousse Polizeiasaz bei der privater Wunneng vum Här Statsminister. Géigeniwwer der Press hätt d'Madame Juncker deklaréiert, et géif sech ëm eng seriö Menace géint hire Mann handelen, déi am Zesummenhang mat der SREL- respektiv Bommeleeër-Affär kéint sinn.

Doweinst wéilt ech dem Här Innenminister dës Froe stellen:

1) Kann den Här Innenminister den Asaz konfirméieren?

2) Wa jo, ass den Asaz op eng eechtlech Menace op d'Persoun vum Här Statsminister zréckzeféieren?

3) Wa jo, ass déi Menace am Zesummenhang mat der Affär SREL oder Bommeleeër ze gesinn?

Réponse (7.3.2013) de **M. Jean-Marie Halsdorf,** *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région:*

Am Kader vun enger permanenter Evaluatiounsaarbecht iwwer méiglech Menacen huet d'Police Informatioune kritt, déi op méiglech Drohunge vis-à-vis vum Premierminister an dem Ausseminister kënnen hiweisen.

Dës Informatioune ginn iwwerpréift. Des Weideren huet d'Police d'Moossnamen zum Persouneschutz vis-à-vis vun deenen zwee Ministeren erhéicht.

Dës Moossname gi permanent evalueiert an de Polizeiasaz deementspriechend ugepasst.

Wat d'Originë vun der Menace kéinte sinn, muss déi ordonnéiert Enquête erweisen.

Question 2600 (6.3.2013) de **M. André Bauler** *(DP)* concernant les **règlements internes des établissements scolaires de l'enseignement postfondamental:**

Il me revient que plusieurs établissements scolaires de l'enseignement postfondamental viennent de se donner de nouveaux règlements internes. D'aucuns critiquent que ces règlements auraient été élaborés sans que les comités des élèves des établissements en question n'aient été concertés au préalable.

Voilà pourquoi j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle:

- Madame la Ministre peut-elle confirmer ces informations?

- Dans l'affirmative, quels établissements scolaires ont récemment modifié leurs règlements internes? Ces modifications doivent-elles être avisées et approuvées par le Ministère?

Réponse (15.4.2013) de **Mme Mady Delvaux-Stehres,** *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle:*

Je renvoie l'honorable Député à la réponse que j'ai fournie en date du 27 février 2013 à sa question parlementaire n°2529 *(cf. compte rendu n°7/2012-2013)* qui a trait au même sujet.

Dans ce contexte, je me permets de rappeler que:

D'après l'article 4 de la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques, les règles de conduite internes au lycée sont inscrites à la charte scolaire. Cette charte est adoptée par le conseil d'éducation auquel siègent des représentants de la direction, des enseignants, des parents et des élèves.

Je tiens à préciser que la loi actuellement en vigueur ne prévoit pas que la Ministre de l'Éducation nationale n'avise ou n'approuve ces règlements internes.

Question 2602 (6.3.2013) de **M. Fernand Kartheiser** *(ADR)* concernant le **portail «culture.lu»:**

Viru Kuerzem ass am Spaweck de Portail „culture.lu" zougänglech gemaach ginn. Dëse Site hänkt direkt vum Kulturministère of a gëtt och vun dësem finanzéiert.

Wann een de Prinzip vun esou engem Portail nëmme ka begréissen, esou bleift dach ze bemängelen, datt de Site nëmmen op Franséisch, Däitsch an Englesch disponibel ass.

D'Lëtzebuerger Sprooch ass vergiess ginn, wat ëmsou méi ze bedaueren ass, datt ons Sprooch en integrale Bestanddeel vun der nationaler Kultur ass.

Doweinst wéilt ech der Madame Kulturministesch dës Froe stellen:

1) Wéisou ass op dësem Site d'Lëtzebuerger Sprooch net fir d'Navigatioun zréckbehale ginn?

2) Ass d'Madame Ministesch net der Meenung, datt besonnesch op Siten, déi Lëtzebuerg a Kultur verbannen, d'Lëtzebuerger Sprooch misst op d'mannst gläichberechtegt behandelt ginn?

3) Ass d'Madame Ministesch bereet, fir um Portail „culture.lu" d'Lëtzebuerger Sprooch gläichberechtegt nieft dem Franséischen, Däitschen an Engleschen anzeféieren?

Réponse (29.3.2013) de **Mme Octavie Modert,** *Ministre de la Culture:*

1) Ech versécheren dem Här Deputéierten, datt et virgesinn ass, fir deen neie Kulturportail an enger zweeter Phas och a Lëtzebuerger Sprooch ze presentéieren. Als Kulturministesch ass et mer wichteg, fir de Kulturacteuren een hire Bedierfnesser ugepassten, evolutiven a partizipativen Internetsite zur Verfügung ze stellen, dee regelméisseg de Realitéiten an Ufuerderunge vum Terrain ugepasst gëtt. Wéinst dem groussen Ausmooss vum Portail gouf aus verschiddene Grënn, dorënner budgetär a personell Ursaachen, entscheet, fir an enger éischter Phas fir de Lancement vum Site déi Sprooche fir d'Navigatioun zréckzebehalen, déi onëmgänglech sinn, fir datt de Site der gréisstméiglecher Unzuel vu Kulturschafenden a Konsumenten hei am Land an iwwert d'Grenzen eraus zougänglech ass.

2) De Portail „culture.lu" versteet sech och als Spigel vun der kultureller Villfalt, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn. Sou ass et alle Kulturschafenden och elo schonns méiglech, fir hir Annoncen, Artikelen oder Texter an där Sprooch eranzeginn, déi si fir richteg empfannen. D'Texter ginn deemno an där Sprooch publizéiert, wéi d'Auteuren se eraginn, dat heescht och op Lëtzebuergesch. Et ass aus budgetäre Grënn net méiglech, all Offer an Text an all Sprooche iwwersetzen ze loossen, dofir gëtt de Visiteur vum Site da beim Navigéieren drop higewisen, datt deen Text just an där jeeweileger Sprooch zur Verfügung steet.

De Respekt an d'Promotioun vun eisem kulturellen Ierwen a senger ganzer Villfalt a sengem Räichtum, dorënner och eis Sprooch, läit mir als Kulturministesch besonnesch um Häerz. Duerch de Kulturportail ginn ech menge Beméiungen Ausdrock, fir engersäits zur Professionaliséierung vun eise Kënschtler an der Verbreedung vun der Kreatioun bäizedroen, an anerersäits eis kulturell Villfalt an eist kulturellt Ierwen ze förderen.

3) An Zesummenaarbecht mam Lëtzebuerger Online Dictionnaire LOD ginn an enger zweeter Phas d'Navigatiounsläischt vum Kulturportail souwéi d'Haapttexter, déi d'Kultur zu Lëtzebuerg virstellen, op Lëtzebuergesch iwwersat. Et ass doriwwer eraus virgesinn, fir no an no och nach aner Sprooche mat bäizehuelen.

Question 2604 (6.3.2013) de **M. François Bausch** *(déi gréng)* concernant la **réforme bancaire CRD-IV:**

La semaine passée, le Conseil et le Parlement européen sont parvenus à sceller un accord provisoire sur la réforme bancaire (dénommée «CRD-IV») la plus importante depuis l'éclatement de la crise financière de 2008 et qui porte essentiellement sur l'imposition de fonds propres supplémentaires pour les banques systémiques. Les négociations ont porté en outre sur le plafonnement des bonus des directions de banques et la transparence des activités bancaires.

En matière de transparence, le Conseil et le Parlement se sont accordés sur l'obligation pour les banques de diffuser certaines informations pour tous les pays où elles sont actives, dont notamment: les profits avant impôts, les impôts payés, le chiffre d'affaires, le nombre d'employés et les subventions reçues.

Selon nos informations, tous les pays membres de l'UE étaient d'accord de réclamer cet effort de transparence de la part des banques, tous, sauf le Luxembourg.

Dans ce contexte, je souhaite poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Finances:

1. Est-il correct que le Luxembourg se soit positionné contre la demande du Parlement européen d'introduire une plus grande transparence dans les rapports annuels des banques?

2. Le cas échéant, quelles en sont les raisons?

3. Est-ce que le Luxembourg compte maintenir cette position lors des discussions et décisions au sein du Conseil des Ministres?

4. En matière des fonds propres, le Parlement européen n'est pas parvenu à obtenir de la part du Conseil un ratio de levier contraignant, pourtant un instrument de régulation jugé essentiel pour limiter l'endettement excessif dans le secteur. Quelle est la position du Luxembourg dans ce domaine?

5. En outre, les nouvelles règles en matière de liquidité - cruciales pour obliger les banques à détenir des actifs liquides et à réduire leur dépendance au financement à court terme - ont été fortement affaiblies par le Conseil. Est-ce que le Luxembourg fait partie des pays qui réclament un tel affaiblissement des mesures de sécurisation des banques?

Réponse (14.3.2013) de **M. Luc Frieden,** *Ministre des Finances:*

Lors de l'ECOFIN du 5 mars 2013, la Présidence a informé les ministres des résultats du trilogue du 27 février dernier où un accord a pu être trouvé sur certains points clés. La Présidence a demandé à l'ECOFIN d'entériner les résultats de ce trilogue en vue de trouver un accord en première lecture avec le Parlement européen (PE).

En ce qui concerne les questions contenues dans la question parlementaire, la Présidence avait suggéré aux trilogues de régler la question de la transparence fiscale de manière horizontale dans la directive comptable plutôt que dans des dossiers services financiers individuels (dont la CRR/CRD4). Cette approche a été soutenue par le Luxembourg quant au principe afin d'éviter que les questions fiscales soient traitées dans des dossiers services financiers, court-circuitant ainsi la procédure et les règles de vote applicables dans des dossiers fiscalité. Or, le PE a fait de l'inclusion dans la CRR/CRD4 de dispositions sur la transparence fiscale une conditio sine qua non à un accord en première lecture avec le Conseil. Dans un esprit de compromis, le Luxembourg s'est rallié par la suite à cette proposition.

